

Friemer?

Zënter d'Stolindustrie, géint d'Enn vum 19. Joerhonnert, eisem Land ekonomesch en anert Gesiicht ginn huet, sinn Dausende vun auslännesche Leit an eist Ländche komm, fir hir ‚Kuuuscht hei ze verdéngen‘; dat vrun allem aus Italien, och aus Polen, herno aus dem Portugal/Spuenien; aus dem Frankräich, der Belsch an Däitschland jo nach ëmmer... kuckt dach emol eis Familljennimm! Hir Kandskanner schwätze kee Wuert méi vun ‚dohannen‘.

Ëm d' 1920er Joere krute mir dann och russesch Leit, déi vrun de Kommuniste fortgelaf sinn, d'meescht ‚Wäissrusen‘ (Menschewiken). Déi fanne mir da vrun allem zu Waasserbëlleg wéinst der Plätterchesfabréck *Cerabati* an zu Wolz an de Lie-

derfabrécken; dat sinn elo 4 Generatiounen, an hir Familljennimm sinn äis esou geleefeg wéi Müller, Schmit a Weber... oder Bartolomeo, Serafini, Giuliani. Zu Wolz hate mir Schoulkomeroden, déi Koutenko, Gelejnski, Kraftchenko asw. geheescht hunn, mä fir äis Kanner war dat absolutt näischt ‚Gelungenes‘; si hu geschwat wéi mir; déi ‚Bäigeprafft waren dmeesch och nach keng iwwele Kärelen an hunn de Lëtzebuerger nawell zimlech dacks déi schéinste Meedercher ‚weggebotzt‘.

Dorun huet een och elo geduecht, wéi et geheescht huet, den Adjudant Ely Krylof wier an d'Éiwegkeet gaang; e léiwe Komerod, e feine Kärel, dichtegen Ënneroffizéier a ‚Koreaner‘, wéi mir eis Zaldote genannt hunn, déi am Korea-Krich waren.

Sproochfanatismus war do ni e Problem. Haut ass et méi komplex, well mir jo elo – vill méi séier – Leit aus bal enger Dose Sproocheraim hunn... an et deemno och ‚kappaschteg‘ ass, d'Kanner op Franséisch wëllen ze alphabétiséieren, well an deer Sprooch, grad ewéi am Italiéineschen, dem Portugiseschen oder dem Engleschen dach plazeweis verschidde Bustawen ganz anescht oder emol guer net ausgeschwat ginn. Do gëtt et e gudde Sproch: Bleift am Schoulministère mat Verstand... bei der Heck!



Zënter d'Stolindustrie, géint d'Enn vum 19. Joerhonnert, eisem Land ekonomesch en anert Gesiicht ginn huet, sinn Dausende vun auslännesche Leit an eist Ländche komm, fir hir ‚Kuuuscht hei ze verdéngen‘. (Foto: Shutterstock)



De Jang huet sech eng geknätzelt. D'Milly ass eng krappeg Knätzelt. Ech hunn eng Knätzelt an de Buuschten. Dee knätzelt a kniwwelt egal wat do.

De Mich stéisst sech ferm wann e braddelt. Hien ass en topege Schnëssert. De Gust huet den Tuddeler an säi Kolleg schaddelt.

Gëff dech mat deenen Topegkeeten. Hal op mat deem Geknadders. Firwat knouters du Braddeler da rëm elo.

Gellt, maja, ma jëmme jo, gelldir; dat ass ‚Krämpes!‘

Eiser léiwer Wieder

Eis Sprooch ass an hirem Fong net méi graff wi eng aner, och wann si sech am méi Knubbelege oder esouguer ‚Rotzegen‘ net brauch hannert deenen ze verstoppen, well... si ass nun emol och ‚menschlech‘ 😊

Denkt emol un de Butzi, d'Schowi, de Léiwi, d'Kënni, d'Modi, d'Häerzi, d'Mausi, de Männi, de Jéngeli, de Stupp an

d'Stippchen, den Huesi, d'Maischen, de Guddi... a probéiert, fir dat an e ‚Kosena-men‘ oder en ‚terme d'affection‘ ze iwwersetzen.

Au méi Graffe schéngen d'Fran-soum an deer éischer Rei ze stoen (con!); och wann hir Sprooch am Literaresche vill méi reng a glënnereg ass wéi anerer.

Eis Virnimm

Rondrëm e verléifte ‚Vältesdag‘ oder soss méi feierlecher Geleeënheete kënt een och alt emol drun denken, wéi dat sech mat de Virnimm an eiser Sprooch huet. Dat ass e ganz gewalttg Kapitel; vrun allem och doduerch, datt eng Onmss ‚Familljennimm‘ draus entstan sinn: Michels, Felten, Feltes, Georg/Goergen, Mattes, Baltes, Berens, Gillen... eng

intressant Aarbecht fir e ‚Sprooch-Mates‘. Wat d'Virnimm an hir sëlliche Varianten ugeet, do huet eis AL zesumme mam Marcel Lamy jo ewell vrun 30 Joer eng Extranummer erausginn, déi iwregens nach fir e puer € bei äis ze kréien ass. Net nëmmen intressant, mä och genësseg an nätzlech. **E Stéck onverwieselbar EISES!**

Merci CFL!

Mir haten an den 90er Joere Krämpes, fir eis authentesch Uertschaftsnimm op d'Schëlter ze kréien; haut ass dat – ee Gléck – eng ganz ‚normal‘ Saach. E Klatzkapp aus hirer Administratioun huet de **Ministre Bùchler an Hamilius** zu Dikrech d' Saach deemols net einfach gemaach, bis mir vum Pier Kremer gewuer guffen, wou d'Steng am Wee genge leien... an dunn huet et ‚gebottert‘!

Haut: De Kulturminister **Eric Thill** an säin éischte Mann, de **Pierre Reding** haten déi

wonnerbar Iddi, sech **bei der Eisebunn hire Kapphären** an d'Steng ze leeën, fir datt dann och d'Lëtzebuergesch Nimm vun de Statiounen op déi offiziell Schëlter solle kommen. Dir sidd dann elo an der Press gewuer ginn, datt déi Saach an d'Rei geet... et ass bal fir ‚and'Luucht ze sprangen‘!

De Merci vun der Actioun-Lëtzebuergesch fir d'Directioun vun eiser CFL geet wäit iwwele eis Generatiounen eraus... wäert och ni vergiess ginn.



(Foto: Alain Piron)

Knätzelen

Dat Wuert hei uewendrun ass iwregens en 100% lëtzebuergesch, grad wéi seng aner Bedeitung fir e klengt Meedchen, oder eng ‚Knätzlerei/Kniwwelerei‘... mir denke just net drun, oder mengen, et wier **jo dach däitsch**... dat ass dann den honnertfache Pech vun eisem absolutt eegenem Idiom, datt mir eist Lëtzebuergesch net systematesch op seng Sproochheemecht ofklappen. Näischt géint en Ausdrock

aus enger vun ‚eisen anere ‚Gebrauchs-sproochen‘, mä déi sinn dach ower iwwele flësseg, **wann et ëm en Artikel oder eng Emissioun geet, déi an eiser Sprooch gehale sinn.**

E Beispill: Firwat heescht et op ‚der Antenn‘ **kierzlech**, wa mir **dëslescht, an der lescht** hunn; eis arem Sprooch, gelldir... ower si mir selwer leider net ze dacks... sproocharm?

Lëtzebuergesch: wouhier?

Eis Sprooch gehéiert zu deenen ‚Idiomen‘, déi **aus engem Nascht a Mëttelasien** doheem waren/sinn. Dofir gëtt jo och dacks vun ‚Indo-Germanesch‘ geschwat. Et kënt engem vläicht och gelunge vir, datt d'Franséisch, d'Spuenesch, d'Portugisesch an nach ganz vill anerer an deser Kautsch hir Wuertzele gemaach hunn; mä et ass nun emol sou, och wann dat ‚germanesch‘ këddelt.

Am Laf vun de Joerdausenden hunn d'Sproocher vun ‚hei iwwele‘ sech dann **nördlech a südlech/östlech a westlech gespléckt**. No an no ass deen Zoustand entstan, dee mir haut kennen. Hei brauch ee sech net ze wonneren, wann ee

bedenkt, datt et ‚am Klengen‘ ewell daitlech Sproochënnerscheeder bannent allen Idiome gëtt; dat och an eisem ‚Sproochbutz‘ vun Élwe bi op Téiteng.

Duerch reliéis Texter, vrun allem duerch d'Literatur hunn sech dann iwwele ‚Héichsproochen‘ op de Wee gemaach, déi am Fong **néierens esou wéi am Geschriwwene vun ‚de Leit‘ gebabbel ginn**. Och mir hunn eng Zort Héichsprooch an deem Sënn. Dat huet näischt mat besser oder manderwäerteg ze dinn; et ass iwwele eng ganz normal Situatioun... da soll een dat och **mat deem néidege Respekt a verstänneg** esou kucken.

AL-Generalversammlung 2025

samschdes, den 19. Abrëll
um 15 Auer zu MOUTFERT
am Festsall vum Jugendhaus
1, Méidenger-Strooss

Maacht äre ‚Krop‘
op de Kalenner,
wannechgift!